(http://news.2012.eldo.lu/aktuell/headlines/)

Staatstrojaner?!: "Alles mä keng gutt Idee"

01.12.2015, 11:25 | Fir d'lescht aktualiséiert: 01.12.2015, 11:58

E Staatstrojaner aféieren, wat d'Regierung wéi et schéngt wëlles huet, wier alles, mä keng gutt Idee, seet de Chaos Computer Club...

An der Chamber mécht den Premier Xavier Bëttel haut eng Declaratioun iwwert déi national Sécherheet an den Terrorismus. Op enger Pressekonferenz d'läscht Woch goufe jo schonn Mesuren annoncéiert, wéi déi dass d'Regierung de Sécherheets-Autoritéiten d'Méiglechkeet gëtt privat Computeren iwwerwaachen ze loossen.

Genee iwwert déi Mesure weist sech de Chaos Computer Club an engem Communiqué dout-entsaat.

Linken

LINK / Liest hei de Communiqué vum Chaos Computer Club (http://candy.eldoradio.lu/ccctrojaner.pdf)

Mat esou enger Mesure, wou e Staatstrojaner agefouert gëtt, géif een sech op ee Niveau stellen mat Länner wéi Saudi-Arabien, dem Uganda oder Ägypten, an et géif een den ICT Standuert Lëtzebuerg komplett ënnergruewen.

Wann all Bierger ënner Generalverdacht stoe géif, hätt dat näischt méi mat Sécherheet ze dinn, mä mat Aschränkungen vun fundamentale Rechter, heescht et weider...

Lauschtert hei de Reportage mat Aussoe vum Chaos Computer Club President Jan Guth:

00:00

00:00